

Evangelium vum 23. Sonndeg C

Lk 14, 25-33

KONTEXT

Elo ass d'lesse vu Lk 14, 1-24 eriwwer (cf. d'Evangelium vum leschte Sonndeg) an am **V. 25** geet de Jesus weider op sengem Wee op Jerusalem, op d'Passioun zou (vu Lk 9, 51 un). Heibäi ass seng Léier dann erëm un d'Adress vun dier Onmass Leit, déi mat him gi gericht – vläicht sinn si déi, vun deenen am V. 23 Rieds war.

TEXT

Eng Onmass Leit si mat dem Jesus matgaang. Dunn ... (V. 25) :

D'Bild ass dat vum Jesus, dee vir geet an d'Leit hannendrun – wéi d'Jünger, déi dem Meeschter noginn. – Mee, wéi soll een da liewen an der Nofolleg ? Dat kréien d'Leit elo erëm e Stéck gesot. (Bei dier Onmass Leit si bestëmmt och Net-Judden derbäi, cf. V : 23, wou allméiglech Leit invitéiert ginn, well ëmmer nach Plaz ass.) An si kréien et net duerch d'Blumm gesot, d'Ufuerderungen u jiddfereen an der Nofolleg sinn héich. Duerfir soll een sech et gutt iwwerleeën an sech net emol einfach esou op de Wee maachen (cf. **V. 30**).

Wann ee bei mech kënnt, awer net Papp a Mamm ... (Vv. 26-27) :

Döi Sätz hei fanne mer esou just beim Lk. – Et gëtt eng Reegel fir d'Ausleeung vun den Evangelien : grad déi haard, extrem exigent Aussoen, déi eis erféieren, hu grouss Chance ganz al ze sinn an op de Jesus selwer zrëckzegoen, ouni datt e Bémol, aus wéi engem Grond och ëmmer, dra gesat ginn ass. – D'Vv. 26 a 27 si parallel opgebaut (wann ee ... awer net/wien net – da kann hien net mäi Jünger sinn/dee kann net mäi Jünger sinn) an ëmschreiwten, wéi dat am Juddentum gären de Fall war an ass, jiddfereen aus sengem Bléckwénkel, wat et bedeit Jünger ze sinn : d'Nofolleg brauch de Mënsch ganz, do bleiwt keng Plaz fir anerer/anes, cf. de Gebrauch vum Verbe 'haassen' (miseo ; cf. awer och Lk 18, 29, resp. Mt 10, 37, wou de Mt schreiw 'manner gären huet wéi mech' amplaz vun 'haassen' wéi de Lk). – Woubäi d'Bild vum Kräiz 'bildlech' an awer och 'reell' geméngt ass : an der Nofolleg steet deejeinege selwer net méi am Mëttelpunkt, mee d'Verkënnegung vum Herrgott sengem Räich, woufir deejeinegen da prett si muss, wéi säi Meeschter, säi Liewen ze loossen, a sief et duerch dee schlëmmen Doud op engem Kräiz (cf. och Lk 9, 23//).

Wie vun iech, dee wëlles huet, en Tuerm ze bauen, sëtzt sech net ... (Vv. 28-29) :

No deenen zwou parallelen Aussoe (= deenen zwee 'Logien') vun de **Vv. 26f** kënnt elo eng Koppel Gläichnesser (**Vv. 28-30 ; 31-32**), déi u jiddferee gericht sinn (cf. 'wie vun iech', **Vv. 28.33**) : fir e Projet ze realiséieren, geet de gudde Wëllen eleng net duer, mee d'Saach wëll duerchduecht sinn an et musse genuch Ressourcen do sinn, soss huet et kee Wäert iwwerhaupt dermat unzufänken. – Am Kontext mat de **Vv.**

26f heescht dat wuël nach eng Kéier, datt een sech net oniwwerluecht op d'Nofolleg soll aloossen. – Wat kann de 'Sitz im Leben' vun dëse Verse gewierscht sinn ? Eiren datt immens vill Leit Chrëschte gi wollten (cf. **V. 25** 'eng Onmass Leit'), ouni sech awer bewosst ze sinn, wéi exigent d'Nofolleg ass an datt et dem Lk Angscht ginn ass, datt d'Qualitéit vun den neie Chrëschte kéint duerch d'Quantitéit erofgeschrauw ginn ?!

Duerfir : Wie vun iech sech net vun all ... (V. 33) :

Hei kënnt de Lk nach eng Kéier mat voller Wucht op déi haart Aussoe vun de **Vv. 26f** zréck an an engems op eent vun senge Lieblingsthemen, dem Emgank mam Besët (cf. 12, 13-34 ; 16, 1-13 ; 18, 24-30 ; cf. och 5, 11 – Apg 2, 44f am Géigesaz zu 4, 32ff !). – Duerno an de Vv. 34f ëmschreiw hien dann, wat et gläich kënnt wann déi éischt Begeeschterung vun der Nofolleg verflunn ass.

(Fränz Biver-Pettinger)